ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 18. September 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch weiderzeleeden.

An engem RTL-Radio-Interview vum 18. September mat der Presidentin vun der Associatioun vun den Hiewane koumen eng ganz Rei vu Mëssstänn an deem Gesondheetssecteur un d'Liicht.

Et wär deemno esou, datt d'Associatioun vun den Hiewanen net um Gesondheetsdësch géife sëtzen, woubäi awer kloer wier, datt keng aner Santésberuffer d'Hiewane vertriede kéinten. De Fait, datt zu Lëtzebuerg 230 Hiewanen op 7100 Gebuerte pro Joer schaffe géifen, géif leider dozou féieren, datt e gudden Encadrement vum Kand a vun der Mamm dacks net méiglech wär an iwwerdeems wieren d'Aarbechtskonditioune schwéier.

Zu Lëtzebuerg wier et och net gesetzlech verankert, datt nëmmen Hiewanen an enger Maternité schaffe kéinten – anescht, ewéi am Ausland. Dat géif dozou féieren, datt d'Hiewanen dacks duerch Infirmièren, Aides-soignantes oder Puericultricë géife vertruede ginn, wat awer ganz onglécklech wier, wëll dëst Personal eben net déi selwecht Ausbildung huet. An deem Zesummenhank wär et deemno schonn dozou komm, datt d'Mammen dacks ouni déi néideg Informatioune géifen heemgoen – dëst ass a mengen Aen inakzeptabel.

Et wier dann och allgemeng sou, datt d'Politik ze wéineg op d'Hiewane lauschtere géif, well si personaltechnesch ze dënn opgestallt wieren, fir eng staark Lobby duerzestellen.

An deem Zesummenhank hätt ech folgend Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch:

1. Firwat sinn d'Hiewanen net um Gesondheetsdësch vertrueden?
2. Gedenkt d'Madamm Ministesch dës Dispositioun an Zukunft ze iwwerdenken?
3. Wa jo, a wéi engem zäitleche Kader ka mat dëser Ännerung gerechent ginn?
4. Wann nee, wéi verdeedegt d'Madamm Gesondheetsministesch d'Virgoen, d'Hiewanen och weiderhi vum Gesondheetsdësch auszeschléissen?
5. Ass et an den Ae vun der Madamm Ministesch net onverantwortlech, datt d'Hiewanen an hirer Fachkompetenz dacks ersat ginn duerch Persounen, déi net déi selwecht Ausbildung hunn an doduerch der Fra an dem Kand net dee néidegen Encadrement kënne bidden?
6. Et ass fir d'Wuelbefanne vum Kand a vun der Mamm zwéngend noutwenneg, datt d'Mamm d'Maternité mat dem néidege Wëssen verléisst, fir sech optimal ëm sech selwer

an ëm d'Kand kënnen ze këmmeren: Wéi ass et an deem Kontext ze veräntwerten, datt et zu Virfäll komm ass, wou d'Mammen ouni all Informatioun, déi si bräichten, d'Maternité hu misse verloossen?

7. Wéi gedenkt d'Madamm Ministesch ze reagéieren, fir dësem inakzeptabelen Ëmstand entgéint ze wierken?
8. Firwat ass et zu Lëtzebuerg – anescht, ewéi am Ausland – net gesetzlech verankert, datt nieft den Doktere just Hiewammen däerfe fir de fachleche Fonctionnement vun enger Maternité zoustänneg sinn?
9. Am Hibléck op den allgemenge Mangel un Hiewanen: Wier et net sënnvoll, d'Attraktivitéit vum Hiewanen-Beruff och verstäerkt ze propagéieren, z.B. duerch Informatiounscampagnen an de Schoulen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten